ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

# Commission de la circulation du 25.03.2026

## 1. Presenzen

| Présent | Absent |
|---|---|
| Amaral Antonio<br>Eich Nico<br>Feierstein Sascha<br>Fernandes José<br>Huberty Laurent<br>Kieffer Aloyse<br>Reding Marc<br>Sadler Marie (Sekretärin)<br>Scholtes Luc<br>Wampach Sandra | Edert Rick (excuséiert)<br>Wampach Sandra (excuséiert) |

## 2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 22.10.2025 gouf unanime approuvéiert.

## 3. Retour vum Schäfferot op eise Rapport vum 221025 an 230425

- 23/04/2025

Mat dëser Propositioun si mir als Kommissioun net averstan. D'Verkéiersreglement ass eis Basis fir ze schaffen, dofir ass et wichteg dass bei Ännerungen eisen Avis gefrot gëtt.

An dësem Kader wéilte mir vum Schäfferot wësse wéi si eis Missioun/Funktioun vun der Kommissioun gesinn?

Falls de Schäfferot net domadder averstanen ass, dass mir bei Ännerunge vum Verkéiersreglement consultéiert ginn, géife mir si gär biede bei eis an eng Versammlung ze kommen, fir hei riwwer ze diskutéieren.

- 22/10/2025

Mat dëser Propositioun ass d'Kommissioun och net averstanen. Mir maachen als Kommissioun e schrëftleche Rapport an zu de Froen déi am Rapport gestallt ginn, hätte mir gär eng schrëftlech Stellungnam déi op

circulation@helperknapp.lu geschéckt gëtt. Mir sinn net averstanen dass verschidde Punkten aus dem Rapport per Telephon mat enger designéierter Persoun beschwat ginn.

## 4. Zone 30

Mir géingen de Schäfferot bieden den Tableau en Annexe ze consultéieren a si froen eis matzedeelen, wéi eng Mesuren an der Zone 30 méiglech sinn.

## 5. Blo wäiss Reflexiounspotoen bei Zebrasträifen

Am Budget goufen déi blo wäiss Reflexiounspotoen fir bei Zebrasträife gestemmt, an duerno goufen se aus dem Budget rausgeholl. Mir als Kommissioun fannen dëst schued, well et ass eng wichteg Mossnam fir d'Sécherheet.

Mir géinge gär als Kommissioun wësse wisou dës Mossnam aus dem Budget rausgeholl gouf a nemei am néie Budget iwwerholl gouf?

## 6. Situatioun Greveknapp "um Knapp"

D'Propose vun der Gemeng fir aus dem Tronçon Bill - Grevenknapp een "sens unique" ze machen, wou den Bus awer a béid Richtungen ka fueren, ass laut Code de la Route guer nët méigleg.
Mir géingen als Kommissioun proposéieren dass d'Strooss fir op de Bill en allgemengt Fuerverbuet gëtt, ausser Bus, machines agricoles a Vëloen sinn erlaabt. Fir dass d'Awunner vun der Cité um Knapp net betraff sinn, soll dëst Fuerbuet räist no der Cité um Knapp ufänken. Am Ufank vun der Strooss soll e Schëld komme wou drop hiweist dass an 200 Meter en "allgemeines Fahrverbot" ass.

Mat dëser Mesure wier den Awunner vun "um Knapp" gehollef, well de Verkéier rausgeholl gëtt.

## 7. Verschiddenes

- Mir wéilten op eng geféierlech Situatioun opmierksam maachen:
- ➔ Busarrête vum Fënsterdall a Bill sinn ouni Luuchten an Zebrasträifen. Dëst fanne mir eng geféierlech Situatioun a wollte froen op et do méiglech wier eppes z'änneren?
- Am Beiwenerwee zu Beschdrëf sinn all Joers am Mäerz immens vill Fräschen déi iwwer dës Strooss gi fir vum Bësch an de Wéier ze kommen. Immens vill Fräsche ginn dobäi iwwerrannt. Als Kommissioun hu mir eis d'Fro gestallt op et méiglech wier eng Opfaangstruktur z'installéieren?

Nächst Versammlung: 20/05 um 20:00